# ABIOL Newsletter 1/2025

## Hello Spring 2024-2025




Och dëst Joer lancéiere mir eng nei Editioun vum Concours "Hello Spring" an hoffen, datt dir mat äre 7e-Klasse matmaache wëllt.

Op eisem Internetsite **www.hellospring.lu** fannt dir eis Aartelëscht, déi d'Schüler tëscht dem **3. Februar an dem 23. Mee** beobachte sollen. D'Schüler benotzen dofir eis App "Hello Spring" déi dir souwuel am AppStore (iOS) wéi och am PlayStore (Android) fannt. Pro Beobachtung sammele si Punkten a kennen zum Schluss souwuel en Eenzelpräiss wéi och e Klassepräiss gewannen.

Fir matzemaache kënnt dir Iech bis de **27. Januar** op eisem Internetsite umellen an dann är Klass dobäi setzen.
Zéckt net fir Iech bei eis ze melle wann Dir Froen hutt (info@hellospring.lu).

## Formatioun „Travaux pratiques en biologie“

Am Kader vun den Travaux pratiques am Cours vun der Biologie an der Sciences naturelles, bidden den Mike De Vos an de Chris Ternes zu desem Thema eng Formatioun un, dei Dënsdes, den 4. Februar 2025 vun 14 :30 Auer bis 17 :30 Auer am Athénée stattfënnt. Wann dir interesséiert sidd, kënnt di riech iwwer folgende Link fir des Formatioun umellen:

https://ssl.education.lu/ifen/catalog/course/290443

## ABIOL op Instagram

Neierdéngs kennt dir d'ABIOL net nemmen op Facebook fannen, well mir de Wee elo och op Instagram fonnt hun. Hei fannt dir de QR Code an den Numm vun eisem Site op Instagram. D'ABIOL freet sech iwwer seng nei Followers.

@ABIOL_BIOLOGISTES_LUX

## Cotisatioun 2025

Mir géifen Iech biede fir d'Cotisatioun 2025 op folgende Kont vun der ABIOL mam Vermierk **„Cotisatioun 2025 Numm Virnumm"** ze iwwerweisen: IBAN **LU87 1111 0446 6242 0000**, Code BIC: CCPLLULL

Dir kennt och alternativ de QR-Code scannen an är Cotisatioun via Payconiq bezuelen.